



66, rue Baudouin
L-1218 Luxembourg
Tél.: 40 77 20-1
Fax: 40 77 20-40
fgfc@fgfc.lu
www.fgfc.lu

Communiqué de presse

Extraordinaire Kongress vun der FGFC

FGFC erfënnt sech nei: kommunal, proaktiv, partizipativ

Leschte Freiden hate mir als FGFC, à huit clos, eisen extraordinaire Kongress. Heibäi sinn eis nei Statuten definitiv an eestëmmeg ugeholl ginn. Soumadder ass de Grondsteen fir eng moderniséiert FGFC geluecht. Während den nächste 5 Joer ass et un enger neier Equipe eng op de Member zentréiert, modern, digital vernetzt "**Déngschtleeschungs-Gewerkschaft**" ze formen.

Säit der Gehälterreform 2017 bei de Gemengen/Syndikater sinn nei regroupéiert "Groupements Traitement" am Gemengesecteur agefouert ginn. Dëst hat zur Konsequenz, datt eis, iwwer 100järeg gewuessen, gewerkschaftlech Strukturen net méi gestëmmt hunn.

E weidere battere Konstat war deen, dass net nëmme bei eis Gewerkschaften, de benevolaten Engagement ëmmer méi ofhëllt. Somme ass hei, et ginn ëmmer manner Leit, déi bereet sinn, sech an engem Comité z'engagéieren. Dës allgemeng gesellschaftlech Tendenz huet e groussen Impakt op de Fonctionnement vun eisen Associatiounen. Dëst ass e Fakt, virun deem mir eis net verschléisse wollten.

Eis iwwerschaften FGFC Identitéit baséiert sech op folgend dräi Grondwerter: kommunal, proaktiv, partizipativ

Kommunal Identitéit

Als FGFC si mir déi eenzeg Gewerkschaft, déi d'Expertise fir de gesamte Gemengesecteur huet. Mir sti kloer fir eng Optimiséierung vun der kommunaler Organisatioun a Kommunikatioun. Dëst **mat konkreter Abannung vun de Personaldelegatiounen**, déi hei fir eis eng Schlësselpositioun op der Gemeng ze besetzen hunn. Onofhängeg vu Statut oder Régime, setze mir eis fir eng kommunal Identitéit an - déi engersäits d'Responsabilitéit vum Personal assuméiert, fir en optimalen Déngscht um Biirger ze garantéieren - an andersäits awer och eng Unerkennung a Matabannung vun eise Leit bei Reformprozesser, säitens dem Patron viraussetzt.

Proaktivitéit

Déi Zäiten nom Motto: "Mir sinn dofir, dogéint ze sinn", si fir eis als FGFC eriwwer. Mir waerten eis verstärkt konstruktiv a proaktiv a lafend Prozesser a Reformen abannen - dëst fir e modernen a kompetitive Gemengesecteur.

Participatioun

D'Schlësselkonzept vun der neier FGFC ass:

“Direkt Abannung an d'Approche vum Member iwwert digital Applikatiounen direkt a seng Täsch, spréich op den Handy, awer net nëmmen.”

Dofir gliddere mir eis Memberschaft esou, wéi si zesummen op der Gemeng schaffen. Iwwert d'Schaffen hunn eis Leit een Intérêt commun, an doranner ka jiddereen, wann en da wëll, mat minimalem Opwand, an eiser Gewerkschaft proaktiv an initiativ ginn.

D'Identifikatioun leeft also iwwert d'Zesummeschaffen an net méi, wéi bis elo iwwert d'Identifikatioun mat der Carrière, spréich mat der Pei. Mir erhoffen eis heiduerjer eng méi partizipativ Memberschaft vun eise Leit.

Professionnell a perséinlech Formatioune vun eise Leit, stinn hei fir eis un éischer Stell.

Dat Ganzt hu mir an eng transparent a kloer Struktur gegoss an déier de Member a seng Famill am Mëttelpunkt steet.

An den nächste Méint setze mir dat Ganzt konkret ëm, mat dem Zil eisem Member eng Plattform unzebidden, déi eng konkret Plus-value vu senger Cotisatioun bei eis duerstellt.

Doriwwer eraus komme mir Ugangs 2022 mat kloere gewerkschafts-politesche Visiounen fir de Gemengesektor à charge. Bis dohinner schaffe mir weider intern un eiser neier Koordinatioun.

FGFC mat neier Equipe an d'Zukunft

Innerhalb vun enger interner Campagne ënnert dem Numm “GoTeam” hu mir jonk Kolleeginnen a Kolleegen fonnt, déi d'Verantwortung iwwerhuelen fir am Intérêt vun enger moderner, biergernoer Entwécklung vum gesamte Gemengesektor, sech perséinlech z'engagéieren. Zesumme mat professionnelle Coachen, hu mir eng frëschgebaken Equipe zesummeschweesst, an déier jiddereen seng Kompetenzen entwéckle kann.

Den neien FGFC Exekutivbüro setzt sech wéi folgt zesummen:

- Marco Thomé, Gemeng Kayl, President
- Claude Reuter, Stad Lëtzebuerg, Vize-President
- Laurent Betti, Stad Esch, Trésorier
- Steve Hatto, Gemeng Miersch
- Giorgio Ricciardelli, Stad Déifferdeng
- Christian Weis, Gemeng Biwer
- Franky Wohl, Gemeng Dippech

Membere vum Bureau exécutif élargi sinn:

- • Lynn Kettel, Gemeng Wormer
- • Théo Schickes, TICE vun Esch
- • Anne Schiltz, Stad Diddeleng

Matgedeelt vum FGFC-Exekutivbüro
25. Oktober 2021